

Nr. 22 Februar 2021

# NEWSLETTER

## LEADER Regioun Mëllerdall

## ARNU – Dat kulturellt Ierwe vun der Regioun digital erhalen

Zil vum interregionale LEADER-Projet „ARNU - Archives régionales numérisées“ vun Autisme Luxembourg a.s.b.l. ass dat kulturellt an historescht Ierwe vun de LEADER-Regiounen Atert-Wark, Éislek, Lëtzebuerg West a Regioun Mëllerdall ze erhalen.

Wéi geet dat? Mat Hëllef vun der moderner Technik. An den Ateliere vun Autisme Luxembourg a.s.b.l. kënnen déi verschiddenst Saachen ewéi Bild- an Tounopnamen, Kaarten, Skizzen, Pläng, Bréiwer, Hefter awer och Objeten digitaliséiert ginn.

Wichteg ass, datt se relevant fir dat historescht Gediechtnes vun de Regioune sinn, d.h. datt se z.B. Informatiounen iwwer den Dialekt, traditionell Gebräicher a Fester, den Alldag vun de Leit, traditionell Beruffer oder d’Industriekultur liwweren.


Wann Dir eng Persoun/Associatioun/Kommissioun kennt, déi al Dokumenter huet déi kéinte fir de Projet interessant sinn, kënnt Dir si gären un eis weiderleeden.





LEADER REGIOUN MËLLERDALL · LEADER ATERT-WARK · ÉISLEK Mir sinn uewen · LEADER Lëtzebuerg West

Illustratiounen zum Thema „LEADER“




RIM Regional Initiativ Mëllerdall

Broschüre „Mir bauen op natierlech Materialien“




### IMPRESSUM

**Herausgeber:** LAG LEADER Regioun Mëllerdall | 9, rue André Duchscher | L-6434 Echternach | Tel: +352 - 26 72 16 30 | Fax: +352 - 26 72 16 32 | E-mail: leader@echternach.lu | Url: www.mu.leader.lu • **Redaktion:** LEADER-Büro Echternach • **Texte:** Caroline Kohl, Charel Faust • **Fotos/Grafiken:** Autisme Luxembourg a.s.b.l., Caroline Kohl, Human Made, Marc Wilmes Design, Charel Faust, Marc Hoffmann

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l’Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung des ländlichen Raums: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete.

KCcom.lu

# Rural Coworking Spaces
## Informatiounsversammlung fir Gemengen



De Begrëff „Coworking Spaces“ héiert een an Zesummenhang mat der moderner Aarbechtswelt ëmmer erëm, v.a. am urbane Kontext. Et handelt sech heibäi ëm Raimlechkeeten, déi vu Fräiberuffler, Start-Ups awer och soss Entreprisë kënne fir e bestëmmten Zäitraum genotzt ginn. Hei hu si net némmen eng Aarbechtsplaz zur Verfügung mee och aner Facilitéiten ewéi en Drucker, e Versammlungsraum, eng gemeinsam Kichen oder souguer en Atelier. E weidere flotten Aspekt ass, datt Leit aus de verschiddenste Secteure mateneen a Kontakt kommen an esou nei Synergië kënnen entstoen.

Firwat soll een dat Konzept net och an de ländleche Raum kënnen iwwerdroen, hu sech d’LEADER Regioune Mosel, Moselfranken, Miselerland a Regioun Mëllerdall geduecht an am Summer 2020 den transnationale LEADER-Projet „Rural Coworking Spaces“ lancéiert. Zil ass et zesumme mat Experten an de Gemengen a Betriber ze kucken, wéi een dat Konzept an der däitsch-lëtzebuergescher Grenzregioun kann ëmsetzen a wou gëeegent Plaze sinn.

### INFOVERSAMMLUNG

› **Wéini?**
Den 8. Mäerz 2021 um 16:30 Auer

› **Wéi?**
Online; de Link mam Zougangscode gëtt mat der Invitatioun verschéckt

LEADER
REGIOUN MËLLERDALL

miselerland moselfranken leader


MOSEL WeinKulturLand


# CIRCLE – circular economy
## Best-Practice-Beispiele aus Luxemburg und Finnland

Viele Menschen haben von dem Konzept der Kreislaufwirtschaft gehört, haben aber vielleicht Schwierigkeiten, es in die Praxis umzusetzen. Darum geht es im transnationalen LEADER-Projekt „CIRCLE“ des Natur- & Geopark Mëllerdall und der Kooperationspartner in Finnland und Schweden.

Auf transnationaler Ebene steht der Austausch von Erfahrungen und Wissen über nachhaltige Wirtschaftskreisläufe im Vordergrund. Auf regionaler Ebene liegt der Fokus auf der Sensibilisierung und Beratung. Sowohl Unternehmen als auch Verbraucher sollen für die Vorteile von nachhaltigen Wirtschaftskreisläufen sensibilisiert werden. Das Projekt beinhaltet auch praktische Hinweise für Unternehmen, wie sie die Prinzipien der Kreislaufwirtschaft umsetzen können.

Aufgrund der Entwicklung der Covid-19-Pandemie haben die Kooperationspartner beschlossen, ihre Konferenzen vorläufig online abzuhalten. Ein erstes Webinar wurde im Oktober 2020 organisiert; das zweite Webinar, mit Best-Practice-Beispielen aus Luxemburg und Finnland, fand am 3. Februar 2021 statt. Zu den Referenten gehörte Carlo Hein, Gründer und Geschäftsführer von Ramborn, einem lokalen Cider-Unternehmen. Er präsentierte die Unternehmensphilosophie und wie sie das Konzept der Kreislaufwirtschaft in ihrem Betrieb umsetzen.






CIRCLE

Naturpark Mëllerdall Geopark

LEADER Kantri

Lokalt ledd utveckling LEADER SYDÖSTRA SKÅNE & SKÅNES ESS

# Holz vun hei
## Die Möbellinie ist da!





Naturpark Mëllerdall Geopark

HOLZ VUN HEI Regioun Mëllerdall

131 Jahre hat es gedauert, bis aus einem Kiefernsamen ein fertiges Möbelstück wurde. 130 Jahre stehend als Baum im Wald; 3 Wochen liegend im Sägewerk; 10 Monate sauber gestapelt im luftdurchströmten Holzlager; 12 Tage wohlig warm in einer Trockenkammer; hunderte Stunden in Schreinerhänden und seit ein paar Minuten als fertige Möbellinie.

Eine einheitliche Produktlinie war Ziel des LEADER-Projektes „Holz vun hei“ des Projektträgers Natur- & Geopark Mëllerdall. Resultat des Projektes ist die gelungene Möbellinie aus regionalem Kiefernholz aus dem Beauforter Gemeindewald, die gemeinsam mit der Natur- & Forstverwaltung, der Firma Holzbau Neuman, dem Sägewerk Holz Theis und der Schreinerei Knaf-Buchler geschaffen wurde.

Genau 90 km hat das Kiefernholz auf seinem gesamten Weg zurückgelegt. Damit konnte das Projekt beweisen, dass es möglich ist eine komplette Möbelline regional und damit äußerst klimafreundlich in der Region Mëllerdall herzustellen.

HOLZBAU NEUMAN

holz theis

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Administration de la nature et des forêts